piraten.lu

N° 3974
Entrée le 23.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.04.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Virun Joerzéngte gouf zu Lëtzebuerg eng Zort Biber mam Numm Nutria importéiert, deen zënterhier Deel vun eiser Ëmwelt ass. An engem Wort-Artikel vum 10te September 2025 ass Follgendes ze liesen:

*"Am Haff Réimech und anderen Orten geht die ANF gegen die Nutrias vor, indem sie einzelne Tiere einfängt. Dass sich dadurch die Kolonisierung des Landes stoppen lässt, denkt Laurent Schley nicht. „Die Nutrias kriegt man nicht gestoppt. Wir können bestenfalls ihre Ausbreitung bremsen."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ginn d'Nutria vun der ANF agefaangen?
2. Wat gëtt mat de Nutria, déi vun der ANF agefaange ginn, gemaach? Ginn dës Déieren dout gemaach?
3. Wéi vill Nutria huet d'ANF an de leschte Joren agefaangen?
4. Wéi vill Nutria huet d'ANF an de leschte Joren dout gemaach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés